N° 8171
Entrée le 20.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un den Aarbechtsminister weiderzeleeden:

*„Ech si gewuer ginn, datt eng industriell Firma, déi am Beräich vun der Fabrikatioun vu prefabrizéierte metallesche Gebaier spezialiséiert ass, hir Produktioun zu Dikrich soll zoumaachen.*

*An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Aarbechtsminister riichten :*

- *Kann den Här Wirtschaftsminister mech am Detail driwwer informéieren, ob hie schonn iwwer dës Decisioun vum Management vun där Firma a Kenntnis gesat ginn ass? Wa jo, wat sinn d'Ursaache fir dës méiglech Fermeture a wat hunn d'Gespréicher erginn ?*
- *Weess den Här Aarbechtsminister wéi vill Aarbechtsplazen hei um Spill stinn? Ass schonn eng Demande fir d'"aide au réemploi" ugefrot ginn ?*
- *Wäert den Här Wirtschaftsminister, zesumme mat de Verantwortleche vun däser Firma, versichen, fir den Know-How vun dësem Betrib, deen iwwer 60 Joer hei zu Lëtzebuerg installéiert ass, an déi domat verbonnen Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ze halen ?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten